KANNERGEMENGEROT 2009/2010

Bericht vun der 4. Versammlung vum 6. Februar 2010

Berichterstatter: **Tom Gerend**

Et ware präsent:

Schoul Butschebuerg:	***Bianca** Hort**, Julie** Mathias*
Schoul Brill:	***Neil** Klein, **Tom** Gerend**, Fabienne** Thiry*
Schoul Deich:	***Svenia** Gambini**, Ben** Parage*
Schoul Gaffelt:	***Leslie** Furtado Pereira, **Sidney** van Kaufenbergh, **Léo** Waldbillig Rebien*
Schoul Ribeschpont:	***Chiara** Orlando**, Camal** Tahireddine*
Schoul Strutzbierg:	***Loïc** Steffen, **Louis** Wandivinit, **Fabio** Sepulveda Almeida*
Waldschoul :	***Gianni** Manzella, **Denis** Schintgen*

Et hate sech entschëllegt: Yannick Haas, Jana Polidori, Sebastien Demuth

Et huet gefeelt: Jessica Almeida Ribeiro

Moderatiounsteam: Jill Aniset, Josy Castellano, Monique Heinen

Invitee: Daniel Biancalana (Schäffen vun der Gemeng Diddeleng)

1. Bestëmmung vun engem Berichterstatter

Den Tom mellt sech fräiwëlleg.

2. Bericht vum 09.01.10

D' Sidney liest vir. E Satz gëtt ëmgeännert. De Bericht gëtt ugeholl.

3. Fest oder Turnéier

D'Sidney präsentéiert de Fahrplang vum Fest.
Numm: D'Kanner maache Virschléi a stëmmen of fir dem Fest e Numm ze ginn: Kanner, Spill, Sport, Spaass (3 Stëmmen), Schoul mécht Spaass (2), Schoulgeméschte Fest (0), Schoul mécht e Schoulfest (0), Spaassecht Schoulfest (0), Schoul a Spaass (2), Schoulspaass (0), Best of 2010 gëtt mat 7 Stëmme gewielt.
Datum a Plaz: Wann d'Kirmesleit eng aner Plaz kréien fir hir Roulotten, kéint d'Fest den 3. Juli um Barozzi sinn, erklärt den Här Biancalana. De Stade Aloyse Meyer wier vleit nach eng 2. Méiglechkeet.
Genehmegung: Eng Delegatioun vum Kannergemengerot soll sech mam Schäfferot an aneren Servicer vun der Gemeng treffen, och fir ze kucken wat alles gebraucht gëtt
Passagéier: D'Kanner diskutéieren fir ween dat Fest ass a stëmmen of: 1.-6. Schouljoer (0 Stëmmen), 3. – 6. Sch. (5), 4. – 6. Sch. gëtt mat 12 Stëmme gewielt.

Auerzäit: D'Kanner schloe verschidden Auerzäite vir a stëmmen of: 11.00 – 18.00 Auer ass mat 10 Stëmme gewielt
Dag vum Fest: D'Kanner soen u wat alles muss geduecht ginn: Iessen an Drénken, Reklamm (Plakat, Flugblieder), Musik, Bänken, Stänn, Dëscher, Sonnepräbbeli, Zelter, Keess mat Bongen, Sécherheet (1. Hëllef, Sonnekapen), Transport (Bus, Zuch), Dréckskëschten, Leit déi hëllefen
Aktivitéite plangen: Tombola, Glécksrad, Floumaart, Sprangschlass, Douseschéissen, Bastelsaache verkafen, Kletterwand, Quiz, Geschécklechkeetsspiller, Fussball-, Handball-, Völkerballturnéier, Waasserspiller, Poker

4. Magnéittafel, Bréifkëscht

An de Bréifkëschten Waldschoul a Gaffelt louchen zesummen 5 Bréiwer, mam Thema Kantinn, Müll, Gefor duerch Schnéi, Stress, Gewalt am Schoulhaff. Do koum d'Iddi vun de Streitschlichter, iwert déi een mol am Kannergemengerot diskutéire kéint.

5. Datum fir déi nächst Versammlung:

Déi nächst Versammlung ass de 6. Mäerz 2010.